N°7586
Entrée le 16.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, a vun der Madamm Gesondheetsministesch, Paulette Lenert, op d'parlamentaresch Fro n°7586 vun den honorabelen Deputéierte Carole Hartmann a Max Hahn zum Sujet "Formation "Secours à personne niveau 2" (SAP2)"**

De Gesondheetsministère schafft aktuell un enger Reform vun den Attributioune vun de Gesondheetsberuffer, déi zu Lëtzebuerg iwwert d'ofgeännert Gesetz vum 26. Mäerz 1992 iwwert den *exercice an d'valorisation de certaines professions de santé* reglementéiert sinn, wéi z.B. de Beruff vun der/dem Infirmière/ier, den Infirmières/iers spécialisé-e-s, der/dem Aide-soignant-e an der Hiewan. An enger zweeter Phas mécht de Ministère, a Collaboratioun mat der Gesondheetsdirektioun an dem Conseil supérieur de certaines professions de santé, eng déifgräifend Analys vun den net-reglementéierte Beruffer, déi an der Prise en charge vu Patienten intervenéieren. Dozou gehéieren ënner anerem déi duerch d'Kreatioun vum CGDIS nei entstane Beruffsbiller.

D'Zil vun dëser Analys ass et, ze bestëmmen, ob eng eventuell Reglementatioun vu bis dato net gereegelte Beruffer opportun wier. Verschidde Punkte gi bei dëser Analys berücksichtegt, wéi ënner anerem :

- Wéi e Virdeel entsteet fir de Lëtzebuerger Gesondheetssystem, wann nei Gesondheetsberuffer reglementéiert ginn?
- Wéi ass de Contenu vun der Formatioun?
- Wou kënnen dës Profiller agesat ginn?

Dës Analys fänkt un, soubal d'Reform vun de reglementéierte Gesondheetsberuffer mat der Ännerung vum Gesetz vum 26. Mäerz 1992 ofgeschloss ass. Dee Moment wäerten déi nei Beruffer vum CGDIS, mat eventueller zousätzlecher Noutfallkompetenz an no Modeller aus dem Ausland, mat a Betruecht gezu ginn.

D'Ausschaffe vun neie Beruffsprofiller deckt sech mat den Ziler déi de CGDIS am Kader vum Plan national d'organisation des secours (PNOS) erreeche muss an déi vun der Regierung ënnerstëtzt ginn. D'Ëmsetzung vun de gefroten Aarbechte läit exklusiv an der Zoustännegkeet vum CGDIS.

Lëtzebuerg, den 16/03/23.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding